
PROJET
PLAN D'ÉTUDES
2025



# KONSULTATIOUNSPHAS

Kanner

## Atelieren am Kader vum
## 'Projet Plan d'études 2025'

Tëschent dem 27. Juni 2022 an dem 30. Mäerz 2023

**RAPPORT**

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

## Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Luxembourg

Auteur: SCRIPT – Division du développement du curriculum

Contact: **curriculum@script.lu**
**www.curriculum.lu** / **www.script.lu**

ISBN: 978-99959-1-378-6

Editioun Juni 2023

# Inhaltsverzeechnes

**1. Virwuert ........ 5**

**2. Steckbréif vun den Atelieren ........ 6**

**3. Oflaf vun den Atelieren ........ 10**

**4. Zesummefaassung vun den Diskussiounen ........ 11**

4.1. Theema ‘Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental‘ ........ 13

4.1.1. D’Sënnhaftegkeet vun der Schoul ........ 13

4.1.2. Positiv a negativ Erfarungen an der Schoul ........ 15

4.1.3. Inhalter ........ 18

4.1.4. Kader a Kontext ........ 20

4.1.5. Erwuessener am schouleschen Ëmfeld ........ 21

4.1.6. D’Schoul vun der Zukunft ........ 23

4.2 Theema ‘Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul‘ ........ 26

4.2.1. Erfarungen a Gefiller ........ 27

4.2.2. Bléck no baussen – Wéi eng Sprooche sinn nëtzlech a firwat? ........ 27

4.2.3. Alphabetiséierung a Sproochenhierarchie an der Schoul ........ 28

4.2.4. Methoden ........ 30

4.3. Theema ‘Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul‘ .......... 31

4.3.1. Iwwergang an de Lycée .......... 32

4.3.2. Weider Iwwergäng .......... 35

4.4. Theema ‘Evaluéieren am Fondamental‘ .......... 37

4.4.1. Evaluatioun .......... 38

4.4.2. Prüfungen oder Tester .......... 38

4.4.3. Bilan .......... 40

4.5. Theema ‘Méi Transversalitéit am Plan d’études?‘ .......... 41

4.6. Theema ‘D’Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung‘ .......... 42

4.6.1. Léiersituatiounen .......... 43

4.6.2. Hausaufgaben .......... 45

4.6.3. Service d’éducation et d’accueil (SEA) .......... 45

4.6.4. Aner Aktivitéiten .......... 46

**5. Réckbléck, Ausbléck a Kontakt .......... 48**

# 1. Virwuert

Dëse Rapport faasst d'Diskussiounen zesummen, déi tëschent Juni 2022 a Mäerz 2023 an den Atelieren mat de Kanner am Kader vum 'Projet Plan d'études 2025' gefouert gi sinn. Am Schouljoer 2021/22 hat d'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT en Opruff un d'Schoulen uechtert d'Land gemaach, fir d'Kanner aktiv um Konsultatiounsprozess ronderëm en neie Plan d'études kënnen ze bedeelegen. Enseignanten konnten sech doropshi mat hirer Klass aus dem Cycle 3 a 4 fir ee Workshop vun ca. 2 Stonnen umellen, an deenen d'Mataarbechter vun der Currriculumsdivisioun mat de Kanner iwwer hir Virstellungen a Wënsch zur Schoul diskutéiert hunn. 15 Klassen hu bei der éischter Oplo vun de Kannerateliere matgemaach. D'Ateliere mat de Kanner goufen dann am Schouljoer 2022/23 weidergefouert; hei goufe 14 Atelieren tëscht Januar a Mäerz 2023 organiséiert. D'Divisioun huet, wéi am Schouljoer virdrun, Klassen aus dem Cycle 3 a 4 besicht, fir mat hinnen iwwer hir Erwaardungen un d'Schoul an un de Curriculum vun der Schoul ze schwätzen. Zousätzlech dozou hunn och aacht Klassen aus véier nationale Kompetenzzenteren *(Centre pour le développement intellectuel, Centre pour le développement des compétences relatives à la vue, Centre pour enfants et jeunes à haut potentiel a Centre de Logopédie) partizipéiert.*

Insgesamt goufen also 29 Kanneratelieren am Kader vum 'Projet Plan d'études 2025' organiséiert an et gouf mat ronn 350 Kanner geschwat. An dësem Rapport ginn op den nächste Säite fir d'éischt d'Modalitéiten a Statistiken (Kapitel 2) virgestallt; de genauen Oflaf vun den Ateliere kënnt Dir am Kapitel 3 noliesen, ier et am véierte Kapitel dann ëm d'Diskussiounsinhalter vun den Ateliere geet.

Dëse Rapport an aner Rapporten, déi am Kontext vum Konsultatiounsprozess ronderëm een neie 'Plan d'études 2025' verëffentlecht ginn, kënnen den Usproch u Representativitéit fir dat ganzt Lëtzebuerger Land zwar net erfëllen, mee stellen awer eng qualitativ relevant Basis duer, op där weiderféierend Diskussioune ronderëm den neie Plan d'études gefouert wäerte ginn. Wann Dir u generellen Informatiounen iwwert de gesamte Projet 'Plan d'études 2025' interesséiert sidd, kënnt Dir eisen Internetsite **www.curriculum.lu** konsultéieren.

Mir wënschen Iech eng gutt Lecture!
D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

# 2. Steckbréif vun den Atelieren

## Wéini a Wou?


- 29 Atelieren tëschent dem 27. Juni 2022 – 30. Mäerz 2023 uechter d'Land an de Schoulen
  - 15 Atelieren tëschent dem 27. Juni – 14. Juli 2022
  - 14 Atelieren tëschent dem 31. Januar – 30. Mäerz 2023

Déi national Verdeelung vun de 29 Kanner-Atelieren (inkl. Atelieren an Centres de compétences):[1]

- 3 Klassen an der DR 01 – Luxembourg (21/22)
  Cycle 3.2 (Kirchberg) ; Cycle 3.2 (Kirchberg) ; Cycle 4.2 (Merl)
- 8 Klassen an der DR 02 – Mamer (21/22 & 22/23)
  Cycle 4.1 (Bertrange); Cycle 4.1 (Koerich); Cycle 4.1 (Koerich); Cycle 4.2 (Koerich); 2x CL (Strassen); 2x CDV (Bertrange)
- 1 Klass an der DR 03 – Pétange (21/22)
  Cycle 3.2 (Pétange)
- 1 Klass an der DR 04 – Differdange (22/23)
  Cycle 4.1 (Differdange)
- 3 Klassen an der DR 05 – Sanem (22/23)
  Cycle 4.2 (Belval) ; 2x CEJHP (Leudelange)
- 1 Klass an der DR 06 – Esch-Alzette (22/23)
  Cycle 4.1 (Esch-Alzette)
- 1 Klass an der DR 07 – Dudelange (22/23)
  Cycle 4.1 (Dudelange)
- 0 Klassen an der DR 08 – Bettembourg
- 0 Klassen an der DR 09 – Remich
- 3 Klassen an der DR 10 – Grevenmacher (21/22)
  Cycle 3.1 (Oberanven) ; Cycle 3.2 (Munsbach) ; Cycle 4.2 (Oberanven)
- 1 Klass an der DR 11 – Echternach (21/22)
  Cycle 4.2 (Echternach)
- 3 Klassen an der DR 12 – Mersch (21/22)
  Cycle 2.1 (Steinsel) ; Cycle 3.2 (Steinsel) ; Cycle 4.1 (Mersch)
- 1 Klass an der DR 13 – Redange (22/23)
  Cycle 3.1-3.2 (gemëscht Klass) (Septfontaines)
- 2 Klassen an der DR 14 – Diekirch (22/23)
  Cycle 3.2 (Ettelbruck) ; 1x CDI (Warken)
- 1 Klass an der DR 15 – Wiltz (22/23)
  1x CDI (Clervaux)

*CDI = Centre pour le développement intellectuel*
*CDV = Centre pour le développement des compétences relatives à la vue*
*CEJHP = Centre pour enfants et jeunes à haut potentiel*
*CL = Centre de Logopédie*

1 Dës Verdeelung huet sech haaptsächlech dorauser erginn, wou sech Léierpersonal mat hire Klassen gemellt hunn. 2022 gouf ee Flyer un all d'Léierpersonal aus dem EF geschéckt, fir sech bei Interessi fir dës Atelieren kënnen ze mellen. Doniewent gouf de Kontakt mat den aacht Centres de compétences gesicht, fir och bei hinnen Atelieren ze maachen.




**1** Direction **LUXEMBOURG** (dr 1)

**2** Direction **MAMER** (dr 1)

**3** Direction **PÉTANGE** (dr 3)

**4** Direction **DIFFERDANGE** (dr 4)

**5** Direction **SANEM** (BELVAL)(dr 5)

**6** Direction **ESCH/ALZETTE** (dr 6)

**7** Direction **DUDELANGE** (dr 7)

**8** Direction **BETTEMBOURG** (dr 8)

**9** Direction **REMICH** (dr 9)

**10** Direction **GREVEMACHER** (dr 10)

**11** Direction **ECHTERNACH** (dr 11)

**12** Direction **MERSCH** (dr 12)

**13** Direction **REDANGE** (BELVAL)(dr 13)

**14** Direction **DIEKIRCH** (dr 14)

**15** Direction **WILTZ** (dr 15)

*inkl. Atelier(en) an Centre(s) de compétences

## Wéi vill?

- 29 Klasse[2] mat insgesamt ronn 350 Kanner, dorënner ëm 50 Kanner aus Centres de compétences:
  - 0 Klassen aus dem Cycle 1.1
  - 0 Klassen aus dem Cycle 1.2
  - 1 Klass aus dem Cycle 2.1

    *Dëst war ee Pilot, fir ze gesinn, wéi gutt eist Format mat deene méi jonken Kanner funktionéiert. Fir de Rescht loung de Fokus op de Cyclen 3 a 4.*
  - 0 Klassen aus dem Cycle 2.2
  - 2 Klassen aus dem Cycle 3.1
  - 7 Klassen aus dem Cycle 3.2
  - 7 Klassen aus dem Cycle 4.1
  - 5 Klassen aus dem Cycle 4.2
  - 8 Klassen a véier verschiddenen Centres de compétences:

    2 Atelieren am Centre pour le développement intellectuel (CDI)


    2 Atelieren am Centre pour le développement des compétences relatives à la vue (CDV)

    2 Atelieren am Centre pour enfants et jeunes à haut potentiel (CEJHP)

    2 Atelieren am Centre de Logopédie (CL)

    *Fir d'Atelieren an de Centres de compétences léisst sech de Cycle net esou genau erauskristalliséieren, well fir de Moment vum Atelier oft verschidde Cyclen zesummebruecht gi sinn. Och hei loung de Fokus awer op engem Cycle 3 a 4 an do, wou et Sënn gemaach huet, konnten och Cycle 5 a 6 matmaachen.*

2 An enger Klass war en C3.1 an en C3.2 gemëscht. Fir dës Statistik, déi festhält, wéi eng Cyclen gefrot goufen, ass dës Klass gespléckt ginn, soudass hei 30 Klassen opgezielt sinn. An der Realitéit waren mir an 29 Klassen.




## Wien?

- Participanten: Kanner aus Reegelklassen an aus Centres de compétences, mat engem Fokus op de Cycle 3 an de Cycle 4
- Moderatioun: D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

## Format?

Pro Klass gouf een Atelier vun ca. 2 Schoulstonne gehalen, dat en présentiel an de jeeweilege Schoulen. Gréisstendeels hunn d'Kanner hir Iddien zu deene verschiddene gestalltene Froen op Post-its opgeschriwwen, déi dann diskutéiert gi sinn – hei huet ee Rapporteur aus der Curriculumsdivisioun matgeschriwwen. D'Ateliere goufen haaptsächlech op Lëtzebuergesch gehalen, mat der Méiglechkeet, fir d'Sprooch jee no Besoin ze wiesselen (L, D, FR, ENG), fir sou gutt wéi méiglech op all Kand anzegoen.

# 3. Oflaf vun den Atelieren

Am Viraus krut d'Léierpersonal, dat sech bei der Curriculumsidivisioun vum SCRIPT fir d'Atelieren gemellt hat, een dräisproochegen Informatiounsziedel fir d'Erzéiungsberechtegt, déi esou méi iwwert den Atelier gewuer gi sinn a bei Besoin hiert Kand dovunner hätte kéinten ofmellen. Geneesou gouf virum Atelier eng kuerz Preparatiounsréunioun mam Léierpersonal gehalen, wou den Oflaf vum Atelier beschwat an déi fir dës Klass interessantste Froestellungen aus engem Pool vu preparéierte Froen ausgesicht goufen. D'Kanner haten d'Méiglechkeet, sech grosso modo zu deene selwechten Theemen ze äusseren ewéi de Bildungsberäich:

- Visioun
- Méisproochegkeet
- Iwwergäng
- Evaluatioun
- Transversalitéit
- Formal an non-formal Bildung

Déi ausgesichte Froestellunge si kandgerecht opbereet ginn a wärend 2 Schoulstonne en présentiel an de jeeweilegen Schoulen op verschidden Art a Weise mat de Kanner diskutéiert ginn. All Atelier gouf vun zwee Mataarbechter aus der Divisioun vun der Curriculumsentwécklung encadréiert, déi moderéiert an den Input festgehalen hunn. Um Ufank vum Atelier huet de Moderator vum SCRIPT de Kanner kuerz erzielt, firwat dës Ateliere gehale ginn, an ass dann op Basis vun de verschiddene Froe mat de Kanner an d'Gespréich komm. Gréisstendeels hunn d'Kanner hir Iddien op Post-its opgeschriwwen, ier se dann diskutéiert gi sinn. Vereenzelt goufen aner Approchen ewéi z. B. Molen ugewandt. D'Ateliere goufen haaptsächlech op Lëtzebuergesch gehalen, mee jee no Besoin gouf d'Sprooch gewiesselt (L, D, FR, ENG), fir sou gutt wéi méiglech op all Kand anzegoen. D'Léierpersonal war wärend dem Atelier präsent an hat gréisstendeels eng beobachtend Roll. Virun allem an de Centres de compétences war d'Léierpersonal awer méi intensiv un der Preparatioun an der Duerchféierung vun den Atelieren bedeelegt. Deelweis goufen hei am Viraus scho Preparatiounen an der Klass gemaach.

Ofhängeg vun der Klass an hire Besoinen a Wënsch esouwéi vun der Moderatiounsequipe goufen e.a. folgend Froe diskutéiert:

- Wat waren deng schéinsten Erliefnesser an der Schoul?
- Firwat geet een denger Meenung no an d'Schoul? / Firwat gees du an d'Schoul?
- Wéi stells du dir d'Schoul vun der Zukunft vir?
- Wat fënns du (net) gutt an der Schoul? Wourop freets du dech (net) an der Schoul?
- Wat géifs du gäre léieren? / Wanns du kéinst décidéieren, wat nach zousätzlech an der Schoul geléiert misst ginn, wat wier dat?
- Wéi kënne mir d'Schoul besser maachen?
- Wéi misst deen idealen Enseignant sinn, fir dass du gutt léiere kanns an der Schoul?
- Wat stells du dir vir, wat nom Fondamental kënnt? Wéi stells du dir de Lycée vir?
- Fills du dech prett fir de Lycée? Wa jo, firwat? Wann nee, firwat net?
- Firwat ginn et denger Meenung no Tester / Prüfungen?
- Wéi fënns du, dass Prüfunge solle gemaach ginn? Wat ass deng ideal Prüfung?
- Wéi vill Prüfunge fënns du gutt?
- Wou léiers du?

# 4. Zesummefaassung vun den Diskussiounen

De gesammelten Input aus allen Atelieren gëtt op den nächste Säiten duergestallt.

D'Andeelung an d'Regruppéierung vun den Aussoen aus den Ateliere gouf vun der Divisioun fir **Curriculumsentwécklung** vum SCRIPT virgeholl. D'Inhalter goufe beschtméiglech zesummegefaasst a strukturéiert, woubäi versicht gouf, Eegeninterpretatiounen ze vermeiden a mëndlech wéi schrëftlech Aussoen inhaltsgetrei erëmzeginn an se zesummenzefaassen. Eng reng Zesummestellung vun de genannte Stéchwierder vun den Ateliere fënnt een an der separater **Annexe** zu dësem Rapport.


D'Inhalter, déi elo presentéiert ginn, sinn Deel vun der Grondlag fir eng weiderféierend Diskussioun ronderëm den neie Plan d'études 2025. Wärend munnech Aspekter méi dacks genannt gi sinn, huet et sech bei aneren (nach) ëm Eenzelaussoe gehandelt. Net all déi genannten Aspekter wäerten herno an dat konkret Konzept fir den neie Plan d'études 2025 opgeholl kënne ginn, mee si sinn awer wäertvoll Indicateure fir d'Richtung ze spieren, déi vum Terrain erwënscht ass. D'Zil ass et, fir no all de gehéierte Stëmmen e roude Fuedem erauszekristalliséieren, op deem den neie Plan d'études 2025 kann opgebaut ginn.

Op den nächste Säite fannt Dir deemno d'Käraussoen, déi an den Ateliere mat de Kanner genannt goufen. Et sief dorobber higewisen, dass dës Aussoen, déi Dir ab Kapitel 4.1 kënnt noliesen, vum Auteur opbereet goufen. Déi nofolgend Säz a Formuléierunge koumen deemno net onbedéngt 1:1 esou vun de Kanner, mee si spigelen awer inhaltlech erëm, wat déi bal 350 Kanner matgedeelt hunn a ginn ergänzt duech Beobachtungen a Feststellungen, déi vum Moderateur a vum Notetaker wärend den Ateliere gemaach goufen. Wann Dir dorunner interesséiert sidd, alleguerten d'Stéchwierder aus deenen eenzelnen Atelieren ze liesen, konsultéiert wgl. déi separat **Annexe**.

Am nofolgenden Text sinn déi Käraussoen **ervirgehuewe** ginn, déi fir den Auteur am heefegste vun de Participantë genannt gi sinn.

## 4.1. Theema 'Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental'

### 4.1.1. D'Sënnhaftegkeet vun der Schoul



Als alleréischt hunn sech d’Kanner der Fro gestallt, firwat een iwwerhaapt an d’Schoul geet. D’Schüler an d’Schülerinnen hu sech also Gedanken iwwert d’Sënnhaftegkeet vun der Schoul gemaach.

Fir si ass kloer: an der Schoul hätt een d‘Méiglechkeet, eppes Neies ze léieren. De Schoulbesuch géing et de Kanner erméiglechen, nei Kenntnisser a Fäegkeeten ze erliewen an ze léieren.

Et bléif allerdéngs net beim renge schoulesche Léieren, mee an der Schoul géif och fir d‘Liewen geléiert ginn. Et géif also net nëmmen ëm di klassesch Schoulfächer goen, mee och ëm d‘Entwécklung vu Kompetenzen, déi hinnen an hirem zukünftege Liewen hëllefe wäerten. D‘Kanner géifen zum Beispill léieren, wéi si sech am ëffentleche Liewe richteg verhale sollen a wéi si hir Meenungen a Gedanken ausdrécke kënnen.

D‘Schoul géing de Kanner d‘Méiglechkeet bidden, verschidden Aktivitéiten a Fächer ze entdecken, wat et ofwiesslungsräich a spannend maache géing a vun de Schüler an d’Schülerinne geschätzt gëtt.

Des Weidere sollt d’Schoul de Kanner och Zukunftsperspektive bidden. D‘Kanner wéilten sech eng gutt Zukunft opbauen, wat fir si zum Beispill ee gudde Beruff oder eng Aarbechtsméiglechkeet bedeit. Hinne wier wichteg, datt dës Beruffer hinne Spaass maachen an dass si genuch verdéngen.

D‘Schoul wier och eng Plaz, wou d‘Kanner Frënn treffen a sozial Kontakter knëppe kënnen. Et géing hinnen d‘Méiglechkeet ginn, sech mat aneren ze verbannen a wäertvoll Bezéiungen opzebauen.

Nieft wichtege Sozialkompetenze wéi Respekt, Kommunikatioun, Selbstverständnis a Selbstvertrauen, géingen d’Kanner awer och Selbstkompetenzen entwéckelen, déi hinnen dobäi hëllefe géingen, sech selwer ze verstoen an op hir Bedierfnisser ze lauschteren. D‘Schoul géing d’Kanner geneesou dobäi ënnerstëtzen, d‘Fäegkeet ze entwéckelen, selwer Entscheedungen ze treffen an hir eege Weeër ze goen, wat vu verschidde Kanner als ganz wichteg ugesi gëtt.

D‘Schoul géing also en Ëmfeld bidden, wou d‘Kanner sech perséinlech, intellektuell a sozial entwéckele kéinten.

## 4.1.2. Positiv a negativ Erfarungen an der Schoul



Den Dialog mat de Kanner huet gewisen, dass si an hirem schouleschen Alldag souwuel positiv wéi och negativ Erfarungen erliewen.

Am Folgende sinn déi heefegste vun hinne genannten **negativen Erfarungen** stéchpunktaarteg festgehalen:

- Mobbing: D'Kanner, déi am Schoulliewe mat Mobbing ze kämpfen hunn, sief et als Affer oder als Beobachter, hunn dëst als eng vun de wichtegsten negativen Erfarungen opgeschriwwen.
- Fréi opstoen: Fir vill Kanner wier et stresseg a schwéier, moies fréi opzestoen an duerno hire Schoulalldag ze meeschteren. Eng méiglech Verbesserung wier ganz einfach: de Kanner no misst ee méi spéit ufänken.
- Hausaufgaben an Tester: Vill Hausaufgaben an Tester géifen zu Stress an Drock féieren. Hei ginn d'Meenungen awer auserneen: et gi souwuel Schüler, déi léiwer manner Tester an Hausaufgaben hätten, anerer hätte gäre méi Tester an Hausaufgaben. Hei ass festzestellen, dass virun allem d'Schüler an d'Schülerinne mat Schwieregkeeten am Schoulliewen dësen Drock a Stress empfannen a léiwer manner bis keng Hausaufgaben an Tester maache wéilten.
- (Ze) Kuerz Pausen: Di "kleng" Paus géinge de Kanner nëmmen eng kuerz Zäit ginn, fir sech ze entspanen a mat de Kolleegen ze spillen. Vill Kanner wënschen sech dofir eng länger "kleng" Paus.
- Éischter mat der Opklärung ufänken: D'Opklärung wier ee wichtegt Theema a sollt éischter an de Schoulalldag integréiert ginn. Dëst wier verschiddene Schüler wichteg, well esou kéinten si hiert Wëssen erweideren a sech mat hire Froen a Problemer mat Zäiten ausernee setzen.
- Lautstäerkt an der Klass: Eng ze haart Atmosphär an der Klass kéint d'Konzentratioun vun de Schüler an d'Schülerinne stéieren. De Kanner no wier et wichteg, dass ee respektvollt a rouegt Léierëmfeld geschaaft gëtt, dat et hinnen erméiglecht, sech op hir Aufgaben ze fokusséieren.
- Respektéiere vum Stonneplang: Fir verschidde Schüler an d'Schülerinne kéint et frustréierend sinn, wann de Stonneplang net respektéiert gëtt. Et ass festzestellen, dass d'Schüler an d'Schülerinne Wäert op de Kader leeën, dee geschaf gëtt an dass si sech wënschen, dass dësen net gestéiert gëtt.

Mir hu mat de Schüler a Schülerinnen awer och iwwer hir **positiv Erfarungen** am schouleschen Alldag geschwat. Mir geheien elo ee Bléck op déi positiv Aspekter, déi si am Schoulliewe schätzen:

- Zäit mat Frënn verbréngen: Nei Frënn fannen an duerno Zäit mat hinnen ze verbréngen, ass fir déi meescht Kanner ee ganz wichtegen Aspekt vum Schoulliewen. Et ass ville vun hinnen och wichteg, dass jidderee "vill frou mateneen ass".
- Ausflich: Ausflich goufe vun de Kanner ganz oft genannt a si weisen, dass dës Ausflich ee wichtege Bestanddeel vun hirer Schoulzäit duerstellen. Verschidde Schüler a Schülerinnen erënneren sech nach gären u fréier Ausflich.
- Eng grouss Schoul: D'Schoulgebai an och d'Klassesäll sollte grouss sinn a genuch Plaz bidden, fir sech fräi ze beweegen a der Kreativitéit fräie Laf ze loossen.

- Spaass beim Fussballspillen: Dat gemeinsaamt Fussballspille gouf och ganz oft genannt. Dëst fënnt oft an der Paus statt a géing iwwert de Fréndeskrees aus der eegener Klass erausgoen. Natierlech kéint hei all aner Aktivitéit erafléissen, de Fussball wier awer déi populäerste sportlech Aktivitéit am Schoulhaff.
- Hëllef an Ënnerstëtzung: D'Schüler an d'Schülerinnen hunn uginn, dass si frou wieren iwwert déi vill Hëllef an Ënnerstëtzung, déi si vun der Schoul a vun hirem Enseignant oder aneren Erwuessener aus der Schoul kréien.
- Ipad an aner digital Outile: De Gebrauch vum Ipad als digitalen Outil wier de Kanner no en interaktiven a motivéierenden Aspekt am Schoulalldag. Et géing hinnen erméiglechen, op eng modern a kreativ Manéier ze léieren an hir technesch Fäegkeete weiderzeentwéckelen.
- Nei Sprooche léieren: Eng weider vun ville Schüler a Schülerinnen als positiv wouergehollen Erfarung ass et, nei Sproochen ze léieren an hiren Horizont esou kënnen ze erweideren. Dëst géing et hinnen erlaben, sech mat anere Kanner ze verstännegen.
- Vill "positiv" Fächer: Nieft der Sprooch goufen nach ganz vill aner Fächer genannt, déi fir si wichteg sinn: Franséisch, Mathematik, Geometrie, Sport, Konscht an Naturwëssenschaften sinn nëmmen een Deel vun de meescht genannte Fächer. Bei dëse Fächer schéngt et de Kanner besonnesch Freed ze maachen, hiert Wëssen ze erweideren.
- (Dobausse) Léieren: Nieft dem klassesche Léieren an der Schoulbänk am Klassesall hunn d'Kanner ugemierkt, dass si ganz gären erausginn, fir ze léieren. Do géing den Unterrecht meeschtens méi interaktiv verlafen an – baséierend op deem, wat d'Kanner doriwwer gezielt hunn – anscheinend eng besser Verbindung tëschent der Theorie an der Praxis entstoen.

**(Freed um) Léieren**


De Kanner no wier et wichteg, dass si d'Méiglechkeet kréien, ze **léieren, wéi ee léiert**. Si wéilte Methoden an Technike gewise kréien, déi hinne beim Léieren hëllefen. Vill Schüler a Schülerinne hu sech, ewéi schonn ugeschwat, ganz interesséiert un der Méiglechkeet gewisen, dobaussen ze léieren. De Klassesall ze verloossen an sech an engem aneren Ëmfeld erëmzefannen, gouf villfach als ganz positiv empfonnt.

Des Weidere goufe **Gruppenaarbechten** am Allgemengen ganz positiv bewäert, well si esou mat anere Kanner zesummeschaffen a vun hinne léiere kéinten. Esou kéint een Iddien austauschen, mateneen an zesumme schaffen a vuneneen léieren.

D'**Freed um Léiere** wier natierlech och net ze vernoléissegen. Nei Saache léieren a Fäegkeete weiderentwéckelen, géif d'Kanner motivéieren, fir an d'Schoul ze kommen.

Donieft war d'**Beweegen** ee grousst Theema bei de Kanner. Si wéilte sech méi beweegen, och wärend dem Schaffen. Si empfannen et als negativ, wann si laang sëtze bleiwe mussen, well si sech dann net esou gutt konzentréiere kéinten. Si schloen also vir, méi Beweegung a **Pausen** tëschent de Léiersituatiounen ze maachen. Duerno kéint een dann erëm mat voller Konzentratioun weiderschaffen. Ee weidere Punkt, deen si ugeschwat hunn, ass d'**Léiere mat Musek**. Verschidde Kanner géif dat hëllefen, fir sech ze konzentréieren. Dëst géif hinnen awer och erméiglechen, sech kreativ ze entfalen.

### 4.1.3. Inhalter



An der Schoul erliewen d'Kanner e breede Spektrum u **Léierinhalter**. Wärend eise Kannerworkshops hu mir si gefrot, wat fir si wichteg ass, fir an der Schoul ze léieren. Nofolgend gesitt Dir eng Iwwersiicht iwwert déi verschiddene Inhalter, déi d'Kanner sech an enger Schoul virstellen a wou si Wichtegkeet erkennen:

Als ee ganz wichtegt Theema goufen d'**Sprooche** genannt. D'Fäegkeet, sech a verschiddene Sproochen auszedrécken an se ze verstoen, gouf vun de Kanner als elementar ugesinn. **Englesch** gouf an dësem Kontext ganz oft genannt, a vill Kanner géifen et begréisse, wann een dës Sprooch schonn am Cycle 4 spilleresch entdecke kéint. Am Allgemenge kann ee festhalen, dass d'Kanner et ganz interessant géife fannen, wa si déi verschiddenste Sproochen entdecken an dës jee no Motivatioun léiere kéinten. Esou Sproocheschnuppercoursë sollten alle Schüler a Schülerinnen op eng spilleresch a motivéierend Manéier zur Verfügung stoen.

**Mathematik** wier ee weidert wichteg Fach, do ware sech d'Schüler an d'Schülerinnen alleguerten eens. Allerdéngs hu si gefuerdert, dass d'Mathematik méi an der Praxis ëmgesat géif ginn. Op hir Aussoe gekuckt wier Rechnen nämlech net nëmmen eng abstrakt Disziplin, mee och ee Schlësselelement vum Alldag. D'Fäegkeet, mathematesch Konzepter an der Praxis ze applizéieren, géing hinnen hëllefen, d'Relevanz vun der Mathematik an hirem Liewen ze erkennen. Praktesch Situatioune géingen et de Kanner erlaben, eng konkret Verbindung tëscht der Theorie an der Realitéit ze knëppen.

Duerno hunn d'Kanner sech Gedanke gemaach, wéi eng Zukunftsfächer vu grousser Relevanz fir si wieren. Allem viraus ass do d'Zukunftsfach **"Allgemengwëssen"** op den Dësch komm, wat ee grousse Stellewäert bei de Schüler a Schülerinnen hat. D'Zesummespill tëschent der Geschicht an der Aktualitéit gouf als ee wichtege Léierinhalt ugesinn. Duerch déi geziilt Ausernanersetzung mat Geschichtselementer an aktuellen Evenementer kéinten si hiert Allgemengwësse vergréisseren a kritescht Denken géif gefërdert ginn. Dat géif et hinnen erméiglechen, d'Zesummenhäng an d'Wichtegkeet vun Ereegnesser an der Geschicht an an der aktueller Zäit ze verstoen. D'Kanner hunn ugemierkt, dass et eng Noutwendegkeet wier, dëst schonn am Enseignement fondamental unzegoen an net eréischt am Enseignement secondaire.

Een anert grousst a wichtegt Theema fir d'Kanner war d'Zukunftsfach **"Emotiounen"**. D'Schüler an d'Schülerinne wollte léieren, iwwert hir Emotiounen ze schwätzen. D'Verständnis fir d'Gefiller vun anere Kanner an de Respekt fir déi individuell Gefiller sollten hei gefërdert ginn.

**Eegestännegkeet, Autonomie** a **Verantwortung** wiere weider wichteg Punkten, déi net dierfte feelen. Léiere fir d'Liewen wier fir déi meescht Schüler a Schülerinnen net aus dem schouleschen Alldag ewechzedenken. D'Kanner hunn awer nach ee konkrete Beräich gesinn, an deem d'Autonomie an d'Verantwortung am schoulesche Kontext kéint gefërdert ginn. Verschidde Kanner géifen et begréissen, wann de Stonneplang méi flexibel wier an si méi fräi entscheede kéinten, wat si wéini léieren.

Déi schoulesch Formatioun ass eng grouss Etapp bei der **Virbereedung op d'Berufffswelt**. De Kanner war et ganz wichteg, dass si an der Schoul beschtens op déi spéider Aarbechtswelt virbereet ginn.

### 4.1.4. Kader a Kontext

Aus der Siicht vun de Kanner kéint de Schoulalldag eng Mëschung vun Erausfuerderungen a verschiddensten Erfarunge sinn. Op Nofro hin hu si eis folgend Saache matgedeelt:

De **Schoulrhythmus** gouf oft als ustrengend empfonnt. Moies wier een nach midd an et misst een trotzdeem scho "funktionéieren" an eppes an der Schoul léieren. Dee sougenannten Corona-Horaire, vun 8.00 bis 13.00 Auer, gouf vu verschiddene Schüler a Schülerinnen awer och als positiv bewäert, well ee méi Zäit fir seng Fräizäit hätt. Aner Kanner hunn uginn, dass si sech moies nach méi midd spieren a léiwer eréischt um 8:30 Auer géifen ufänken.

D'Kanner hunn oft gefuerdert, dass een eng **fakultativ Silencestonn** aféiert. Fir si wier et awer denkbar, **eng weider Schoulstonn** dofir ze kreéieren. Dës Stonn wier um Enn vum Dag a géif genotzt ginn, fir Hausaufgaben ze finaliséieren, dëst a Presence vum Léierpersonal. Dëst kéint dann direkt op vereenzelt Froen a Problemer agoen.

**Pause** wiere ganz wichteg, fir de Kapp fräizekréien an ze entspanen. Et kéint een driwwer nodenken, d'Pause bei guddem Wieder ze verlängeren, esou d'Schüler.

**Schoulausflich** goufen als ganz positiv ugesinn, mee och ausserschoulesch Aktivitéite wiere wichteg, fir eng Balance tëschent der Schoul an der Fräizäit ze fannen. Frënn kennen ze léieren an duerno Zäit fir si ze hunn war de Kanner wichteg.


D'Schüler an d'Schülerinne wéilten d'Geleeënheet kréien, ëfters **eraus ze goen**, an do ze léieren. Dësweidere wiere **Beweegungspause** wärend dem Schoulalldag wichteg a géifen de Kanner hëllefen, hire Stress ofzebauen an de Kapp ze entspanen. Duerno kéinten si sech erëm besser fokusséieren a konzentréieren.

Op en Neits gouf betount, wéi wichteg **d'interdisziplinäert Schaffe** wier. Et misst ee verschidde Fächer a Projete matenee verbannen, wat de Kanner ee ganzheetlecht Bild vun de Léierinhalter gëtt. Gläichzäiteg géing et de Kanner och eng ofwiesslungsräich Léiererfarung bidden.

Eng weider Iddi, déi an dësem Kontext vu verschiddene Kanner genannt gouf, war, dass een et géif begréissen, **moies zesumme Kaffi ze drénken**. Esou kéinten d'Kanner an d'Enseignantë sech zesummen op de Schouldag virbereeden.

Zesummefassend kann ee festhalen, dass et de Kanner wichteg ass, sech am Schoulalldag wuel ze fillen an een Ëmfeld ze hunn, dat hiert Léieren an hiert Wuelbefannen ënnerstëtzt.

## 4.1.5. Erwuessener am schouleschen Ëmfeld



Am schouleschen Ëmfeld spillen d'Léierpersonal an aner Erwuessener eng bedeitend Roll fir d'Wuelbefannen an d'Entwécklung vun de Schüler.

Et ass fir d'Kanner wichteg, eng Persoun ze hunn, mat där si **iwwer Problemer kënne schwätzen**. Erwuessener, wéi den Enseignant oder awer och ee Psycholog, stelle fir si Vertrauenspersounen duer, déi sech Zäit huelen, hir Problemer unzelauschteren an hinnen ze hëllefen. D'Méiglechkeet, Problemer ze deelen an Ënnerstëtzung ze kréien, ass fir d'Schüler wichteg fir hiert Wuelbefannen.


Natierlech wier **Vertrauen** ee weidere wichtege Faktor am schouleschen Ëmfeld. Erwuessener misste Vertraue schafen, fir dass d'Schüler an d'Schülerinne sech op si verloosse kéinten. De Kanner géing dat hëllefen, sech sécher an akzeptéiert ze fillen an hinnen et erlaaben, fir mat Problemer bei déi Vertrauenspersounen ze kommen. Donieft gouf betount, dass d'Enseignanten, an all aneren Erwuessenen aus der Schoul missten oppassen, fir kee Schüler a keng Schülerin ze ignoréieren. Dëst géif virkommen a gouf als ganz negativ empfonnt.

De Kanner war geneesou wichteg, dass net nëmmen eng Persoun an der Klass intervenéiert. Den Enseignant géing zwar eng elementar Roll spillen, mee **och aner Acteuren wiere wichteg** a géingen de Schoulalldag ofwiesslungsräich maachen.

Als eenzele Schüler hätt een et **schwéier, sech matzedeelen** a sech bei den Erwuessenen aus der Schoul kënne Gehéier ze verschafen. Do hunn d'Kanner awer eng Léisung proposéiert: ee **Schülercomité** géif besser gehéiert ginn an dierft och d'Decisioune matgestalten. Esou hätten d'Schüler an d'Schülerinnen d'Méiglechkeet, sech aktiv an der Schoulzesummenaarbecht z'engagéieren.

Dës Diskussioun weist op déi grouss Bedeitung vun den Erwuessenen an der Schoul hin. Si ginn de Kanner déi Sécherheet a dat Vertrauen, déi si brauchen, fir sech an hiert Potential z'entwéckelen.

## 4.1.6. D'Schoul vun der Zukunft



Dëst Ënnerkapitel regroupéiert d'Iddien an d'Wënsch vun de Kanner fir eng Visioun vun der Schoul oder fir eng nei Schoul. Dës **"Schoul vun der Zukunft"** war eng faszinant an opreegend Diskussioun fir d'Kanner. Si leet de Fokus op d'Wuelbefanne vun de Schüler a Schülerinnen an huet nei Konzepter an Aktivitéiten ze bidden.

De Pausenhaff misst onbedéngt "méi cool" ginn a mat méi Natur ausgestatt ginn. Et sollte Klunschen a weider Aktivitéiten, déi een am Fräie ka maachen, ugebuede ginn. Hei goufen och Iddie wéi Camping a Bëschaktivitéite genannt. D'**Wichtegkeet vun der Fräizäit an den ausserschouleschen Aktivitéiten** gouf och betount. D'Kanner bréichte méi Zäit, fir hiren Interessien nozegoen.

An der Zukunft géing ee mat engem **gemeinsame Frühstück** an den Dag starten. Esou kéint ee sech scho kuerz virum Schoulstart mat de Kolleegen austauschen a mam Enseignant iwwert de Schouldag schwätzen. D'Kanner géifen et begréissen, wann nieft dem Moiesiessen aner kleng Iessensoptiounen, wéi ee klenge Bäcker, am Schoulgebai existéiere géifen.

**Kolonien a Auslandsopenthalter** goufen als Beräicherung ugesinn a sollten an der Zukunft verstäerkt ënnerholl ginn.

Fir vill Kanner hätt an der Schoul vun 2040 **all Klass och säin eegent Déier**, fir Verantwortungsbewosstsinn an Teamaarbecht ze férderen.

D'Kanner sollten d'Geleeënheet kréien, hir Ziler ze verfollegen an eegen Entscheedungen ze treffen. Esou wier et wichteg, dass ee **säin eegene Stonneplang erstellen** a fräi entscheede kéint, wou ee schaffen a wat ee schaffe wëllt. Mat dësem flexibele Stonneplang sollten awer keng Fächer verschwannen, mee et soll een se nëmme selwer andeele kënnen. Fir eng gewësse Struktur ze schafen, géingen eenzel Deadlinë fir déi een eenzel Aufgabe gesat ginn, déi vum Enseignant am Virfeld ausgeschafft ginn, an domadder sollt festgehale ginn, wéini se missten ofgeschloss sinn.

Nach eng weider Iddi huet sech op d'Visioun vun engem **Zukunftsstonneplang** bezunn: wärend 3 Deeg (Méinden, Mëttwoch a Freides) géif et ee fixe Stonneplang, wou d'Schoul obligatoresch ass. Wärend 2 Deeg (Dënschdes an Donneschdes) géifen Atelieren ugebueden, de Stonneplang wier also ganz fräi vun de Schüler an d'Schülerinnen ze gestalten, an d'Schoul wier wärend dësen Deeg fakultativ. Iwwert de Weekend sollt d'Schoul awer net zou bleiwen, mee fir jiddereen opgemaach ginn an et sollen Atelieren ugebuede ginn, déi Grouss a Kleng, Jonk an Al interesséieren.

Dernieft sollte vill Méiglechkeeten ugebuede ginn, fir **dobausse kënnen ze schaffen**. Et sollte méi laang Pausen erméiglecht ginn, wou d'Kanner genuch Zäit hätten, fir sech z'entspanen an ze regeneréieren. D'Fräiheet, d'Autonomie an d'Eegestännegkeet vun de Kanner sollten an Zukunft also besonnesch developpéiert ginn.

De Kanner no wäerten ëmmer méi **modern Technologien** am Unterrecht agesat ginn, wou Computer an aner digital Outile verstäerkt genotzt wäerte ginn. Natierlech géing bei esou enger Verännerung

d'Ëmweltbewosstsinn an d'ëmweltfrëndlecht Handelen eng wichteg Roll spillen. Dës Thematik war de Kanner ganz wichteg a sollt eng droend Roll an der Zukunftsschoul spillen.

**Uniforme** waren och een Theema an de verschiddenen Atelieren. Verschidde Kanner waren der Meenung, dass an der Schoul vun der Zukunft Uniforme gedroe wäerte ginn. Esou kéint ee Gefill vu Gemeinschaft geschaafe ginn an Ënnerscheeder manner visibel gemaach ginn. Aner Kanner mierken awer un, dass dëst net sollt geschéien, jidderee sollt sech esou undoe kënne, wéi ee wëll.

**Nei Fächer, wéi Technologie, Programméiersprooche léieren, Ekonomie, Emotiounen, Astrologie, Physik-Chimie, Aktivitéiten an Holz a Metall** géinge fir d'Schoul vun der Zukunft ausgeschafft an ugebueden ginn. **D'Sproochenauswiel géif erweidert ginn**, ee weidere besonnesche **Fokus géing op der VieSo leien**. Manuell Aarbecht, grad esou wéi Backen a Kache géingen an der Zukunfstsschoul ënnerriicht ginn. **Éischt-Hëllef-Coursen** a **Selbstverdeedegung géint Mobbing** waren zwee weider Coursen, déi de Kanner no an enger Schoul vun der Zukunft ugebuede misste ginn. An der Visioun vun de Kanner existéiert **fir all Fach ee Raum**. Wann een also an engem bestëmmte Fach schaffen wéilt, misst een de richtege Raum opsichen a kéint dann do leieren.

Et wäerten awer och **manner Prüfungen** ofgehale ginn, esou kéint een de Stress an den Drock reduzéieren. Den Enseignant géing d'Schüler an d'Schülerinnen iwwer den Observatiounsprozess an dëst iwwert d'ganzt Joer ewech evaluéieren.

Zesummefassend kéint een d'Visioun vun der Zukunftsschoul fir d'Kanner also esou resüméieren: Et sollt een Ëmfeld geschaafe ginn, dat op d'Entwécklung vun den individuelle Fägkeeten a Potenzialer vun de Schüler a Schülerinnen ausgeriicht ass an hiert Wuelbefanne férdert.

## 4.2. Theema 'Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul'



### 4.2.1. Erfarungen a Gefiller

#### Sproochesituatioun an der Famill

D'Sproochesituatioun an der Famill gouf a verschiddenen Atelieren thematiséiert. Dat zentraalt Element, dat bei der Auswäertung vun der Sproochesituatioun an de Klassen ervirstécht, ass déi **héich Diversitéit**. Eng Klass huet beispillsweis uginn, dass d'Elterenhaiser vun hire Schülerinnen a Schüler dräi-sproocheg funktionéieren. D'Schülerinnen an d'Schüler vun däser Klass schwätzen zwëschent dräi a siwe Sproochen. D'Schülerinnen a Schüler, déi dës Thematik an hirem Atelier behandelt hunn, hunn insgesamt 17 verschidde Sproochen genannt. Si schwätzen ënner anerem Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Portugisesch, Englesch, Arabesch, Spuenesch, Italienesch oder Rumänesch doheem, ee Kand huet och erzielt, d'Gebäerdesprooch als Kommunikatiounsmëttel ze benotzen.

#### Sproochen am Klassesall an am Schoulhaff

**D'Méisproochegkeet**, déi d'Kanner deelweis scho vun doheem aus matbréngen, ass och an de Klassesäll souwéi an de Schoulhäff staark vertrueden. D'Schülerinnen a Schüler benotze fir d'Kommunikatioun ënnertenee verschidde Sproochen, et sinn awer oft déi selwecht Musteren, déi bei der Auswäertung vun de verschiddenen Atelieren opfalen. Lëtzebuergesch gouf als Kommunikatiounssprooch an all den Ateliere genannt; déi meeschten Klassen hunn och uginn, Däitsch a Franséisch am Schoulhaff ze benotzen. Ee Mix aus dësen dräi Sproochen schéngt d'Reegel ze sinn; dozou kommen a vereenzelte Fäll Englesch a Portugisesch. An engem Atelier gouf erzielt, dass d'Kanner sech géigesäiteg Elementer aus hirer Mammesprooch am Schoulhaff bäibrénge géingen.

### 4.2.2. Bléck no baussen – Wéi eng Sprooche sinn nëtzlech a firwat?

An dësem zweeten Theemeblock geet et ëm d'Fro, wéi eng Sproochen d'Schülerinnen an d'Schüler als nëtzlech emfannen a wéi dës Sproochen, iwwert de Kader vun der Schoul eraus, agesat kéinte ginn. D'Majoritéit vun de Kanner hat erkannt, dass d'Sproochen an éischter Linn wichteg sinn, **fir ze kommunizéieren**, weiderhin awer och eng essentiell **Roll am spéidere Berufffsliewe** spillen. D'Schülerinnen an d'Schüler hunn et wichteg fonnt, **Däitsch a Franséisch** ze léieren, well een déi Sproochen bräicht, fir mat de Leit an deene respektive Länner ze kommunizéieren. Beim Franséische gouf e puer mol uginn, dass et och vill Leit zu Lëtzebuerg ginn, déi just Franséisch schwätzen. Dowéinst wier et wichteg, déi Sprooch ze léieren an ze beherrschen. **Lëtzebuergesch, Däitsch** a **Franséisch stiechen deemno als wichtegst Sproochen eraus**, déi een de Kanner no brauch, fir zu Lëtzebuerg gutt eens ze ginn.

Aner Sproochen, wéi zum Beispill **Englesch**, wiere praktesch, wann ee reese wëll. Ee Participant huet uginn, dass en net versteet, firwat een Däitsch an der Schoul léiert – zu Lëtzebuerg géif nämlech iwwerhaapt keen Däitsch geschwat ginn.

## 4.2.3. Alphabetiséierung a Sproochenhierarchie an der Schoul

### Alphabetiséierung

E weidert Theema, dat wärend den Atelieren an de Schoule mat de Kanner thematiséiert gouf, ass d'Alphabetiséierung an d'Hierarchie vun de verschiddene Sproochen an der Schoul. Beim Theema "Alphabetiséierung" gouf et keen immens staarke Konsens ënnert de Schülerinnen a Schüler. Verschidde Participantë waren zefridden mat der **Alphabetiséierung op Däitsch**, wärend anerer uginn hunn, eng **Alphabetiséierung op Franséisch** besser ze fannen. Ee Kand huet beispillsweis gesot, dass et vill méi schwéier wier, Däitsch doheem ze maachen, well seng Elteren him net hëllefen kéinten, well si keen Däitsch an och kee Lëtzebuergesch schwätzen. D'Kanner hu sech vill Gedanke gemaach, wéi eng differenzéiert Alphabétiséierung kéint ausgesinn. Déi zwee zentral Theemen, déi sech bei dësen Iwwerleeungen erauskristalliséiert hunn, behandelen d'Ëmstrukturéierung vu Klassen an de Cours an der Mathé.

Verschidde Kanner hu proposéiert, dass ee misst **wielen kënnen a wéi enger Sprooch een de Cours wéilt maachen**. Eng aner Propose war, dass den Enseignant oder d'Enseignante am Cycle 2.1 eng Evaluatioun vun de Schülerinnen a Schüler mécht, an se, **op Grond vun hire sproochleche Kompetenzen, entweder op eng Franséisch oder op eng Däitsch Klass orientéiert**. Et gouf weiderhi virgeschloen, **dass Klassen agefouert ginn, wou op verschidde Sproochen Cours gehal gëtt**. D'Kanner kéinten sou a kuerzer Zäit vill verschidde Sproochen léieren.

Dat zweet grousst Theema, dat an dësem Kontext vun de Kanner diskutéiert gouf, ass **d'Sprooch am Mathéscours**. Déi meeschte Kommentaren zu dësem Theema stellen eng Fuerderung un eng aner sproochlech Approche. Verschidde Schülerinnen a Schüler wéilten d'Mathematik op Lëtzebuergesch oder Portugisesch ënnerriicht kréien, anerer mierke méi generell un, dass si onzefridden mat der däitscher Approche wieren. D'Majoritéit vun den Aussoen konzentréiert sech awer op ee franséische Mathéscours. Ee franséische Cours an der Mathé géif d'Schülerinnen an d'Schüler besser op de Lycée preparéieren wéi een däitsche Cours, sou eent vun den zentralen Argumenter.

### Niewefächer

An den Ateliere goufen e puer vereenzelt Aussoen iwwert **d'Sproochesituatioun an den Niewefächer** gemaach. An enger Klass huet e Groussdeel vun de Schülerinnen a Schüler sech dofir ausgeschwat, d'Niewefächer op eng aner Sprooch maachen ze wëllen. Am léifste géifen dës Kanner dobäi **op hir spezifesch Mammesprooch zeréckgräifen**. Eng aner Umierkung war, dass Schülerinnen a Schüler a verschidde Fächer net gutt wieren, well se **Problemer mat der Sprooch vum Cours** hätten. Eng konkret Propose koum an dësem Zesummenhang fir de Geschichtscours. **Niewefächer wéi d'Geschicht sollten an zwou Sproochen** enseignéiert ginn, iwwert d'Organisatioun vun esou engem Cours ass vill diskutéiert an et sinn e puer Virschléi gemaach ginn:

- Gespléckte Klassen, wou eng Grupp op Franséisch an déi aner Grupp op Däitsch enseignéiert gëtt
- D'Sprooch wiesselt, jee no Kapitel
- D'Bicher sinn zweesproocheg
- De Cours gëtt op Lëtzebuergesch gehal an all Kand kann an där Sprooch léieren, an där et wëllt.
  → D'Tester wieren deementspriechend zweesproocheg an d'Schülerinnen an d'Schüler kéinten an där Sprooch äntwerten, an där si sech méi wuel spieren

## Sproochecoursen

D'Schülerinnen an d'Schüler hu sech och konkret mat de **Sproochecoursen an der Schoul** ausernee gesat; d'Aussoe waren an dësem Zesummenhang relativ heterogen. Déi heefegst Ausso zu de Sproochecoursen war, dass **Franséisch "gutt" oder "wichteg" wier**. Och den **Däitschcours gouf an deene meeschte Fäll als gutt oder wichteg agestuuft**. Manner heefeg waren Aussoen, déi Franséisch oder Däitsch kritiséiert hunn, obwuel och dës reegelméisseg opgetaucht sinn. Aus den Äusserunge vun de Kanner ass een eendeitegen Interessi fir Sproochen erauszeliesen. "**Vill Sprooche léieren ass gutt"** ass eng vun den heefegsten Aussoen an dësem Theemeblock. Ee Punkt, dee vu verschiddene Kanner ugeschwat gouf, ass **d'Introduktioun vum Franséischen am 1. Schouljoer**. Verschidde Schülerinnen a Schüler wéilten deementspriechend schonn éischter mam Franséischen ufänken, wéi dat aktuell de Fall ass. **Lëtzebuergesch** ass am Kontext vun de Sproochecoursen och reegelméisseg genannt ginn, d'Schülerinnen an d'Schüler haten dobäi eng ganz positiv Opfaassung.

**D'Hierarchie ënnert deene verschiddene Sproochen** gouf intensiv diskutéiert, och hei gouf et keng eenheetlech Meenung vun de Schülerinnen a Schüler. Verschidde Gruppe hu proposéiert, fir Däitsch duerch Englesch ze ersetzen, oder de Fondamental op eng eenzeg Sprooch ze beschränken. Franséisch war fir eng Grupp däitlech méi wichteg wéi Däitsch, d'Positioun vun der englescher Sprooch gouf och hei diskutéiert. Eng Konklusioun an dësem Zesummenhang war, dass et schwéier wier, sou vill Sproochen an der Grondschoul ze léieren. Déi Grupp huet awer festgehal, dass et wichteg wier.

## Wonsch fir aner Sproochen ze léieren

Ganz vill Schülerinnen a Schüler hunn an den Atelieren de Wonsch geäussert, fir an der Grondschoul nach aner Sproochen ze léieren. **D'Sprooch mat der gréisste Nofro war ganz kloer Englesch**. Wéi an zu wéi engem Zäitpunkt Englesch am Fondamental integréiert sollt ginn, gouf intensiv an de Klassen diskutéiert. Déi meeschte Gruppe waren sech eens, dass **Englesch am Cycle 4** sollt geléiert ginn, d'Iddi vun engem "Schnupperkurs" gouf beispillsweis proposéiert. "Englesch léieren" war iwwert all Theemepunkten déi heefegst Ausso, déi zum Theema ‚Méisproochegkeet' an den Atelieren gefall ass. Aner Sproochen, déi an dësem Kontext besonnesch oft genannt goufen, ware **Spuenesch, Portugisesch, Chinesesch, Italienesch an Hollännesch.**

### 4.2.4. Methoden

Op d'Fro, wéi ee Sprooche léiere sollt, hunn d'Schülerinnen a an d'Schüler relativ heterogen Äntwerte ginn. Verschidde Kanner hu gesot, dass si ze vill **liesen a schreiwen** géifen, wärend anerer gefuerdert hunn, **méi Geschichten an de Sproochecoursen ze schreiwen**. Eng Ausso, déi e puermol erëmkomm ass, ass de **Wonsch no enger spillerescher Approche**. Ee Kand huet proposéiert, **3-4 Wochen an d'Ausland ze goen** an do Aktivitéiten ze maachen, fir d'Sproochen méi intensiv ze léieren. D'Kanner hunn zousätzlech erzielt, dass si och **ausserhalb vum schoulesche Kader Sprooche léiere géingen**. Hei sinn ënner anerem **Youtube, Fernseh, Spiller, Filmer an Apps als Hëllefsmëttel** genannt ginn. An dësem Kontext ass nees virun allem déi englesch Sprooch thematiséiert ginn.

## 4.3. Theema 'Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul'



## 4.3.1. Iwwergang an de Lycée

### Erwaardungen

Vill Schülerinnen a Schüler hate méi oder manner konkret Virstellungen an Erwaardungen, wat den Iwwergang an de Lycée ugeet. D'Aussoe vun de Kanner waren extrem breet gefächert. Vill Punkten, wéi zum Beispill "am Lycée ginn et méi Fächer", goufe vu verschiddene Kanner positiv zum Ausdrock bruecht, wärend aner Kanner negativ Gefiller mat dëser Erwaardung verbonnen hunn. D'Aussoe vun de Kanner goufen an dräi verschidde Kategorien agedeelt, fir se ze strukturéieren: generell Erwaardungen, positiv Aspekter an negativ Aspekter. Vill Punkten, déi bei de generellen Erwaardunge genannt ginn, ginn an deenen zwou anere Kategorien ausgebaut.

**Generell Erwaardungen**

Déi heefegst Ausso zum Iwwergang vum Fondamental an de Lycée war, dass een als Schülerin oder **Schüler méi Aufgabe géing kréien**, respektiv ee méi schaffe misst. Heefeg genannte Punkte waren ausserdeem, dass een am Lycée **méi Fächer** huet wéi an der Grondschoul, an dass d'Schoul am Allgemenge méi schwéier géif ginn. D'Kanner hunn och vill Kommentaren iwwert dat **neit Gebai an de Wee dohi** gemaach. Sou wier d'Lycées-Gebai däitlech méi grouss wéi d'Schoul, déi se aktuell besichen, an **d'Raim misste jee no Fach gewiesselt ginn**. Et misst een **op de Bus oder den Zuch zeréckgräifen, fir an de Lycée ze kommen**, wat eng Verännerung fir verschidde Schüler duerstelle géif. Eng Rei Kanner hu sech erwaart, am Lycée **verstäerkt mat digitale Geräter ze schaffen**; an dësem Kontext gouf virun allem d'Aarbecht mam Tablet ervirgehuewen. Verschidde Schüler hunn och e **Wiessel vu grouss op kleng** ugeschwat. An der Grondschoul zielen d'Kanner aus den Atelieren (zum Groussdeel) zu deenen Eelsten, wärend se am Lycée déi Jéngste wäerte sinn. Déi **vill nei Leit, op déi een duerch de Wiessel an de Lycée trëfft**, goufen och reegelméisseg ugeschwat.

**Positiv Aspekter**

Bei ville Kanner huet eng **Virfreed op d'Zäit am Lycée** bestanen. E besonnesch wichtegen Aspekt fir dës Freed war **d'Méiglechkeet, fir nei Frëndschaften ze schléissen**. D'Schülerinnen an d'Schüler hu sech awer och op nei schoulesch Inhalter gefreet, op nei Enseignanten an op een neit a **méi grousst Gebai**. Vill Schülerinnen a Schüler hu sech weiderhin op **een eegene Schaf** respektiv eng eege Case gefreet. Eng ganz Rei vu Kanner hu sech zousätzlech erwaart, am Lycée **méi Paus** ze hunn wéi bis elo an der Grondschoul. **"Méi kuerz Schoulzäiten"** a **"méi Vakanz"** schléissen un dës Ausso un. Verschidde Schülerinnen a Schüler hu ganz generell gesot, dass si **sech op de Lycée freeën**, ouni weider Präzisiounen ze ginn, firwat si esou fillen.

**Negativ Aspekter**

Obwuel eng gewësse Virfreed festzestellen ass, hunn d'Kanner och verschidde **Suergen an Ängschten** matgedeelt, wann et ëm den Iwwergang an de Lycée geet. An dësem Kontext ginn et zwou Aussoen,

déi däitlech erausstiechen. Déi éischt Suerg, déi d'Kanner am Kader vun dësen Atelieren geäussert hunn, ass **dass d'Schoul am Lycée méi schwéier géif ginn**. An deene meeschte Fäll goufen awer keng weider Präzisioune gemaach, wéi sech dës Steigerung vum Schwieregkeetsgrad manifestéiert. Ee Kand huet beispillsweis gemengt, dass d'Mathé géif méi komplizéiert ginn. Den zweete Volet, dee ganz heefeg vun de Kanner an den Atelieren ugeschwat gouf, ass **d'Angscht viru Mobbing a Gewalt am Lycée**. D'Schülerinnen an d'Schüler hunn uginn, **d'Aggressivitéit** vun eelere Schüler ze fäerten, si hunn an dësem Kontext och **Kläppereien** als Suerg notéiert. Ee Kand huet uginn, Angscht virun **Drogen a Kriminalitéit** am Lycée ze hunn, wärend een anert Kand fäert, seng **Sue geklaut ze kréien** oder **erpresst ze ginn**. Nieft dësen zwee groussen Theeme goufen et weider Aussoen, déi manner heefeg zum Ausdrock komm sinn. Eng Suerg vun de Kanner ass, dass si mam Wiessel an de Lycée hir **Frënn aus dem Fondamental net méi sou heefeg gesinn**, e puer Kanner hu gesot, dass si hir **Enseignanten aus der Grondschoul wäerte vermëssen**. Dass een **am Lycée méi misst léieren**, hat fir eng Rei Kanner eng negativ Connotatioun. Am Lycée sollten **d'Proffe wuel och méi streng sinn**, wat verschiddene Kanner net gefall huet.

## Fills de dech prett?

Eng vun de Froen, déi fir dësen Atelier ausgeschafft gouf, wëllt rausfannen, ob d'Schülerinnen an d'Schüler sech prett fille fir an de Lycée. D'Äntwerte vun de Kanner loosse sech grondsätzlech op dës zwee Aspekter zesummefaassen: "Jo, ech fillen mech prett" an "Neen, ech fille mech net prett". Een drëtten Type vun Äntwerten gëtt hei "Geméschte Gefiller" genannt. D'Kanner hunn an dësem Fall eng Äntwert ginn, déi souwuel positiv wéi och negativ Aussoen enthält.

### "Jo, ech fille mech prett"

Insgesamt goufen et däitlech **méi Kanner, déi sech prett fir de Lycée géinge fillen, wéi ëmgedréint**. Op Nofro, firwat si sech prett fir de Lycée spieren, war déi heefegst Äntwert déi gutt Virbereedung an der Grondschoul. Verschidde Schülerinnen a Schüler hu sech prett gespiert, well se d'Gefill haten, alles, wat noutwenneg wier, geléiert ze hunn; anerer luewen an dësem Kontext hiren Enseignant oder hir Enseignante fir déi gutt Preparatioun iwwert déi lescht Joren. Zwee Kanner waren zouversiichtlech fir de Lycée, well hir schoulesch Resultater bis zu dësem Zäitpunkt nach ëmmer gutt waren. Déi sozial Komponent huet a verschiddene Fäll och eng Roll gespillt; sou soten zwee Kanner, dass se prett fir de Lycée wieren, well se do nei Frënn fanne kéinten a si sech dorobber freeën.

### "Neen, ech fille mech net prett"

Just e puer Kanner hunn uginn, dass se sech net prett fir de Lycée géinge fillen. Ee Kand huet gesot, dass et net prett wier, well et ze liddereg wier, een anert Kand huet ugeholl, dass et ze vill an d'Klass schwätzt an doduerch keng Kollege géing fannen. Engem aneren Participant ass keng Erklärung fir säi Gefill agefall oder e wollt dës net matdeelen.

**Gemëschte Gefiller**

Ee Grupp vu Kanner huet Äntwerte ginn, déi souwuel positiv wéi och negativ Aussoe kombinéieren. Vereenzelt Schülerinnen a Schüler hunn uginn, hirer Meenung no gutt fir de Lycée preparéiert ze sinn, op där anerer Säit awer Angscht virun engem neie System an ze vill Verännerung ze hunn. Aner Kanner hunn an dësem Zesummenhang gesot, dass se sech op den Challenge vum Lycée freeë géifen, mee gläichzäiteg hir momentan Frënn an Enseignantë wäerte vermëssen.

> Alles an allem ass festzehalen, dass et oft déi selwecht Punkte sinn, wann et ëm positiv an negativ Aspekter vum Iwwergang an de Lycée geet.

## Virbereedungen

Am Kader vun den Ateliere gouf gefrot, wéi sech d'Schülerinnen an d'Schüler op den Iwwergang an de Lycée preparéieren, oder wéi dësen Iwwergang am Idealfall kéint preparéiert ginn. Bei dësem Punkt gouf et relativ wéineg Konsens ënnert de Kanner, vereenzelt Aussoe sinn awer ëmmer mol erëmkomm.

**Sproochen**

Wéi schonn am Kapitel zur Méisproochegkeet thematiséiert, hunn eng Rei Kanner gefuerdert, d'sproochlech Approche um Enn vun der Primärschoul z'iwwerdenken. **Ee franséische Mathéscours am Cycle 4** géif den Iwwergang an de Lycée erliichteren. Och eng I**ntroduktioun an d'Englescht am Cycle 4** géif den Iwwergang an de Lycée vereinfachen.

**Virbereedungen an an nieft der Schoul**

Als Virbereedung fir de Schrëtt an de Lycée ware ganz vill Kanner scho **verschidde Gebaier kucken**, aner hunn gesot, dat nach wëllen ze maachen. Eng Klass huet erzielt, dass se an dësem Kontext op der **Schoulfoire** waren an hinnen dat ganz gutt gefall hätt. Eng Propos fir e besseren Iwwergang war, verschidde **Strukturen a Particularitéiten aus dem Lycée schonn zum Schluss vun der Primärschoul z'adaptéieren**. Virschléi an dësem Zesummenhang waren zum Beispill:

- E puermol am Mount de Klassesall wiesselen
- Den Enseignant "Madame" oder "Monsieur" nennen
- An all Fach een aneren Enseignant hunn
- Méi Fächer hunn
- Déi selwecht Schoulzäiten wéi de Lycée hunn

Een Aspekt, deen d'Kanner heefeg beschäftegt huet, war **de Wee an de Lycée**. E puer Kanner hu matgedeelt, dass si sech schonn ugekuckt hätten, wéi si hire Wee an de Lycée kéinte plangen.

Si hätten sech an dësem Kontext och schonn doriwwer informéiert, wéi si mat Hëllef vum ëffentlechen Transport am beschten an dat neit Gebai komme kéinten.

D'Schülerinnen an d'Schüler hunn erzielt, dass si hiert **Wëssen iwwert de Lycée ënner anerem vu Geschwëster, Cousinen oder Klassekameroden, déi Geschwëster am Lycée hunn**, kritt hätten. Wärend d'Majoritéit vun de Schülerinnen a Schüler geschéngt huet, scho relativ gutt iwwert den Iwwergang an de Lycée informéiert ze sinn, hu vereenzelt Participantë gesot, dass si nach **net immens vill Informatioune kritt** hätten a sech eng besser Virbereedung géife wënschen.

**Evaluatioun**

D'Participantë vun den Atelieren hu festgestallt, dass, wann ee vum Iwwergang an de Lycée schwätzt, **d'Roll vun der Evaluatioun** net ignoréiert dierft ginn. Déi heefegst Ausso war an dësem Fall, dass Tester a Prüfungen dofir do wieren, fir ze **kontrolléieren, ob e Schüler oder eng Schülerin prett fir an de Lycée wier**. Tester a Prüfungen géifen och hëllefen, **säin eegene Niveau besser kënnen anzeschätzen.** Dës Evaluatioun wier, an den Ae vu verschiddene Kanner, och de Grondsteen fir d'Orientatioun an de Secondaire. Munch Kanner hu sech iwwert **d'Épreuves communes geäussert, dës goufen éischter kritesch wouergeholl.** Ee Kand huet ugemierkt, dass d'Épreuven zousätzleche Stress verursaache géifen an et **Drock vun den Eltere** géif verspieren. Ee Virschlag war, amplaz vun den Épreuves communes direkt Tester a Prüfungen vu 7e am Cycle 4.2 ze maachen.

## 4.3.2. Weider Iwwergäng

A Saachen "Iwwergäng" louch den zentrale Interessi vun de Schülerinnen a Schüler ganz kloer um Passage vum Fondamental an de Secondaire. Aner Iwwergäng goufen deelweis ugeschnidden, sinn awer oft net konkret ausdiskutéiert ginn. Interessant Aussoe goufen et zu den Iwwergäng Doheem-Schoul, Schoul-SEA an iwwert d'Transitioun nom Lycée an d'Beruffswelt.

### Iwwergang Doheem – Schoul

Et goufe just ganz vereenzelt Aussoen iwwert den Iwwergang vun Doheem an d'Schoul oder ëmgedréint gemaach. An enger Klass hunn d'Schülerinnen an d'Schüler erzielt, dass si de **Schoulrhythmus als ustrengend ëmfannen** a si sech owes immens midd fille géingen, virun allem wa se nach Aktivitéiten oder Hausaufgaben no der Schoul ze maachen hätten. An enger Klass gouf och diskutéiert, wéi een d'Ukommen an der Schoul moies anescht kéint gestalten. Amplaz direkt ze schaffen, hu sech d'Kanner aus däser Klass gewënscht, **entweder moies zesumme Kaffi ze drénken**, oder eng **Period vun 10 Minutten ze etabléieren, an där si sech ënnerteneen austauschen kënnen ier de Cours ugeet.**

## Iwwergang Schoul – SEA

Och zu dësem Theema goufen et just wéineg konkret Aussoen. An engem Atelier **war fir d'Kanner, déi an der Mëttespaus an een SEA ginn, d'Paus ze laang. Fir d'Schülerinnen an d'Schüler, déi an der Mëttesstonn heem iesse ginn, war dës Paus awer ze kuerz.** D'Paus am SEA gouf och an enger anerer Klass diskutéiert; hei gouf de **strengen Zäitplang** kritiséiert, dee keng Platz fir eng individuell Gestaltung vun der eegener Zäit loosse géif. De strikte Rhythmus am SEA gouf vun enger weiderer Grupp vu Schülerinnen a Schüler negativ bewäert.

Op d'Nofro, wéi si de **Wiessel Schoul – SEA – Schoul** géife wouerhuelen, huet eng aner Klass uginn, dës Iwwergäng net gutt ze fannen. Hei gouf proposéiert, e bësse méi laang an der Schoul ze bleiwen an dann dono eréischt an een SEA ze goen, a net dertëscht. Et gouf eng gréisser Diskussioun an dëser Klass, well eng Rei Kanner géint dës Propos waren. Schlussendlech hunn déi meescht den aktuellen Iwwergang dann awer als beschte Léisung empfonnt.

## Zäit nom Lycée

An zwee Ateliere gouf konkret gefrot, ob d'Kanner schonn doheem driwwer geschwat hätten, wéi d'Liewen no der Schoul kéint ausgesinn. Knapp d'Halschent vun de Kanner huet uginn, dat Theema mindestens schonn eng Kéier doheem diskutéiert ze hunn. Déi aner Schülerinnen a Schüler hätten nach kee sou e Gespréich doheem gehat.

Vill Schülerinnen a Schüler, déi Kommentarer iwwert d'Zäit nom Lycée gemaach hunn, ware sech der **Wichtegkeet vum schouleschen Erfolleg fir hiert spéidert Liewen** bewosst. Erfolleg an der Schoul wier wichteg, fir eng reibungslos Transitioun an d'Berufffs- oder Unisliewen ze garantéieren a vill Optiounen opstoen ze hunn.

## 4.4. Theema ‘Evaluéieren am Fondamental‘



### 4.4.1. Evaluatioun

**“Alles ass een Test“**. Dës Ausso vun engem Kand beschreift déi erliefte Situatioun vun der Evaluatioun am beschten, well Evaluatioun géif ëmmer an iwwerall stattfannen. Den Enseignant géif alles matkréien an dëst an iergendenger Form mat an d’Evaluatioun afléisse loossen.

D’Evaluatioun war ee grousst Theema fir d’Schüler, **et entscheet hirer Virstellung no, ob si duerno ee “gudde Berufff” ausübe kéinten** oder ob si sech mat engem “schlechte Berufff” zefridde misste ginn. An der Diskussioun hunn d’Schülerinnen an d’Schüler virun allem un d’Prüfungen, d’Tester an d‘Épreuven geduecht, mee awer och zum Bilan hate si eppes ze soen.

Ee wichtege Punkt, deen d’Schülerinnen an d’Schüler queesch duerch Lëtzebuerg uginn hunn, ass **de Leeschtungsdrock**, dee bei der Evaluatioun entstoe géif. Hei wier och den **Drock vun den Elteren**, virun allem beim Theema Epreuven, net ze vernoléissegen. Dësweideren hunn d’Schülerinnen an d’Schüler uginn, dass si sech virstelle kéinten, dass **d’Evaluatioun am Cycle 2 nach méi spilleresch ofleeft an eréischt no an no méi komplex** gëtt. Si mengen awer, dass een **am Cycle 4 och mat engem Bewäertungssystem schaffe** kéint.

### 4.4.2. Prüfungen oder Tester

Remark: D’Begrëffer “Prüfung” an “Test” ginn hei synonym gebraucht. Verschidde Kanner an Enseignanten schwätzen vu Prüfungen, anerer vun Tester.

#### Sënnhaftegkeet

Am haitegen Educatiounssystem spillen Tester eng wichteg Roll, fir d‘Wëssen an d‘Fäegkeete vun de d’Schülerinnen a Schüler ze bewäerten. Däers sinn sech och d’Kanner bewosst: Prüfungen an der Schoul wiere virun allem wichteg, **fir ze “kucken, wéi schlau een ass”**. Si géinge weisen, wat d’Schülerinnen an d‘Schüler an de verschiddene Fächer geléiert a verhalen hätten. Aus den Äntwerten op d’Fro, firwat d’Kanner da Prüfungen an Tester absolvéiere mussen, huet sech erginn, dass **et méi Acteure géinge ginn, déi vun der Evaluatioun profitéiere géifen:**

- Ugefaange beim **Enseignant**, deen esou erausfanne kéint, wat d’Kanner wëssen a wou si nach Schwieregkeeten hätten. Hie géing dës Evaluatiounsméiglechkeeten awer och benotzen, fir de Bilan ze schreiwen.
- D’Prüfunge wiere wichteg fir **d’Elteren**. Esou wéissten si, wou hir Kanner stinn a kréiche matgedeelt, u wat hir Kanner nach schaffe missten. D‘Eltere géingen esou déi schoulesch Stäerkte vun hire Kanner kenneléieren.
- D’**Schülerinnen** an d’**Schüler** ware sech bewosst, dass et och een Outil kéint sinn, fir hir eegen Intelligenz ze evaluéieren. Tester géingen hinnen et erlaben, ze verstoe, wou hir Stäerkten a Schwächte leie géingen. “Esou wësse mir, u wat mir nach musse schaffen.”

Verschidde Schülerinnen a Schüler hunn uginn, duerch d'Tester encouragéiert ze ginn, fir sech kontinuéierlech ze verbesseren.

## Bewäertung

Queesch duerch Lëtzebuerg benotzen d'Enseignantë **verschidde Bewäertungssystemer**. D'Kanner hunn an den Diskussioune virun allem zwee Systemer matenee verglach. Op där enger Säit schwätzen si iwwert den ofgeschaafte Punktesystem (0-60) an op der anerer Säit iwwert den aktuellen Nottesystem (A+ bis D). Munche Kanner no géife béid Bewäertungssystemer gläich gutt funktionéieren, anerer sinn awer net dëser Meenung. De Kanner war et awer besonnesch wichteg, dass déi Notten net an der Klass ëffentlech gemaach ginn. Dee Moment kéint e Konkurrenzkampf ënner de Schülerinnen an de Schüler entstoen, dee fir verschidde Kanner als belaaschtend empfonnt géif ginn. An der weiderer Diskussioun ënnerstäichen d'Schüler, dass et wichteg wier, keng Vergläicher tëschent de Schülerinnen an de Schüler ze maachen. Dës Vergläicher géifen awer automatesch entstoen, soubal een eng Prüfung mat engem Bewäertungssystem evaluéiert – hei wier et egal, ob Punktesystem oder Nottesystem.

Eng weider Iddi vun de Kanner war et, dass et **nëmmen zum Schluss vun all Trimester eng Prüfung mat Bewäertung** kéint ginn. Dës Prüfung géif dann och fir de Bilan geholl an esou d'Finalbewäertung bestëmmt ginn. Fir déi aner Prüfungen am Laf vum Trimester ze evaluéieren, kéint de Enseignant op eng formativ Evaluatioun zréckgräifen. D'Kanner sollten also ee schrëftlechen oder mëndleche Feedback zum Test kréien, ouni bewäert ze ginn. Esou géifen d'Kanner genau wëssen, u wat si nach schaffen missten a kéinten dat da besser ëmsetzen. Sou kéint een de Stress bei den Tester verhënneren an d'Angschtzoustänn an d'Nervositéit reduzéieren.

Allgemeng gouf ugemierkt, dass eng **einfach Bewäertung, ouni weider Explikatioune vun der Säit vum Enseignant, de Kanner näischt géif bréngen**. Si appreciéieren et elo schonn, wann den Enseignant eng schrëftlech Erklärung matgëtt; dës géif hinne ganz vill hëllefen.

## Opbau

Wéi an dësem Rapport scho festgestallt gouf, spillen d'Prüfungen (oder d'Tester) eng grouss Roll am schouleschen Alldag vun de Schüler. An der Diskussioun mat de Kanner gouf festgehalen, dass am Cycle 2 eng méi spilleresch Evaluatioun am Fokus wier an et eréischt an de méi héije Cyclen zu enger méi komplexer Bewäertung mat schrëftlechen Exercicer sollt kommen.

Den Enseignant kéint **eng Prüfung op dräi verschidde Manéieren opbauen**. D'Schülerinnen an d'Schüler hu sech do op där enger Säit déi ganz traditionell schrëftlech Prüfung virgestallt, mee awer och Prüfunge mat Multiple-Choice-Froen a mëndlech Tester kéinten de Kanner no ugewant ginn. Dës Méiglechkeete kéinten duerch de Support vun technesche Mëttele wéi Laptop, iPad oder traditionell mat Pabeier ënnerstëtzt ginn.

## Épreuven

An dëser Diskussioun däerf een natierlech net eng vun de wichtegsten Evaluatioune fir d'Schülerinnen an d'Schüler vergiessen: d'Epreuves communes aus dem C4.2. Si spillen eng grouss Roll am ganze Cycle 4, heiansdo schonn zum Enn vum Cycle 3. Dës Epreuvë gi vu verschiddene Kanner als ganz **stresseg** wouergeholl, well se eng wichteg Roll an der Schoulkarriäre vun de Schülerinnen an de Schüler spille kënnen. Si ginn als **entscheedend** betruecht, an et besteet e gewëssenen **Drock, souwuel vu Säite vun den Elteren wéi och vun den Enseignanten.**

Allerdéngs wier et ganz **normal, datt d'Epreuves communes e bësse méi Stress wéi eng normal Prüfung mat sech bréngen**, mierken d'Kanner un. Dës Epreuvë ginn als "grouss" Tester wouergeholl a fir verschidde Kanner war et net ongewéinlech, Angscht virun dësen Epreuven ze hunn. Et bestoung ee gewësse Respekt virun der Gréisst a Wichtegkeet vun dëser Evaluatioun am Cycle 4.2.

## 4.4.3. Bilan

De **Bilan** ass ee weidere wichtege Punkt am schouleschen Alldag vum Kand, hei ginn der Schülerin an dem Schüler hir/seng **Fäegkeeten a Fortschrëtter den Eltere presentéiert.** Dës Wichtegkeet war och de Schülerinnen an de Schüler aus den Atelieren bewosst. Déi meescht wossten, dass d'Léierpersonal d'Aarbecht vun all de Kanner souwéi och d'Klasseparticipatioun an hiert Verhale bewäerten an am Bilan néierschreiwen.

De Bilan hu verschidde Kanner als ee grousse **Stressmoment** wouergeholl, deen een awer ganz einfach geléist géif kréien. Et misst een **de Bilan als éischt mat de Schülerinnen an de Schüler selwer duerchgoen**, esou wier den Iwwerraschungsmoment manner grouss a si wéissten, wat am Bilan op d'Elteren duerkéim. Allerdéngs betounen och vill Kanner, dass si gäre **beim Bilansgespréich derbäi sinn** oder wieren. Esou wiere si duerno um selwechte Wëssensstand wéi hir Elteren a géifen d'Diskussiounen iwwert sech matkréien.

Dernieft mierken d'Kanner un, dass den Dag vum Bilan och eng Geleeënheet fir si wier, **hire Portfolio ze presentéieren**. Dëse Portfolio kann eng Sammlung vun Aarbechten a Projete sinn, déi wärend dem Trimester ofgeschloss goufen. D'Zil wier et, **den Elteren ze weisen, wat geléiert an erreecht gouf**. Dëse Portfolio sollt vun de Kanner perséinlech virgestallt ginn a si wënschen sech, dass si d'Sprooch vun der Presentatioun selwer eraussichen dierften, fir den Elteren de Portfolio beschtméiglech virstellen ze kënnen.

Fir ofzeschléisse menge verschidde Schülerinnen an Schüler nach, dass si sech virstelle kéinten, dass een **zum Enn vun all Trimester verschidden Aufgabe eraussicht**, fir dës ze absolvéieren an duerno festhalen ze kënnen, wéi si sech iwwert déi verschidden Trimester an dësen Aufgabe verbessert hätten.

## 4.5. Theema ‘Méi Transversalitéit am Plan d’études?‘

D’Theematik vun der Transversalitéit gouf an den Ateliere mat de Kanner net mam fir si dach frieme Begrëff “transversal” adresséiert. D’Konzepter ronderëm “Transversalitéit” sinn an de Schoule präsent, ouni dass d’Schülerinnen an d’Schüler dëst onbedéngt bemierken a reflektéieren. D’Kanner sinn deemno net sou direkt op dëst Theema agaangen, mee hunn awer iwwer net fachgebonnen Theemen, Projeten, aner Léierzougäng etc. geschwat. Sou ass et méiglech op dëser Plaz, e puer Schlëss aus deenen Diskussiounen ze zéien.

Als éischt kann ee feststellen, dass transversal an interdisziplinär Aufgabe vun de Schülerinnen an de Schüler geschätzt ginn, well se eegenen Aussoen no esou hir Kenntnisser a Fäegkeeten a verschidde Beräicher gläichzäiteg ausbauen a fërdere kéinten. An den Diskussioune mat de Kanner huet sech gewisen, dass si beim Organiséiere vun Ausflich “Transversalitéit” erliewen an hirer Usiicht no dobäi eppes fir d’Liewe léiere géifen.

Transversalitéit an Interdisziplinaritéit fërdert d’Kreativitéit an “erweidert” de Beräich vu Fächer wéi Bastelen a Molen, notzt hir Methoden fir aner Léierzougäng. Et ginn och aner spezifesch Aktivitéiten, wéi Bak- a Kachatelieren, an deenen den Enseignant eng Bréck tëschent verschidde Fächer hierstelle kann an esou d‘transversaalt Denke vun de Schülerinnen an de Schüler ureege kann.


An dëser Thematik däerf een déi, vun de Kanner, als “gemixte Fächer” bezeechnet Léiersituatiounen net vergiessen. Dës Fächer maachen de Kanner besonnesch Spaass a fërderen d’Transversalitéit. Folgend Schoulbeispill gouf an deem Kontext genannt: am Däitschen hunn d‘Schülerinnen an d’Schüler geléiert, eng Kaart ze liesen. Esou Aktivitéite kombinéiere verschidde Fächer, wéi hei Däitsch a Geographie, an d’Kanner schéngen ze mierken, wéi si dat, wat si geléiert hunn, konkret am Liewen ëmsetze kënnen.

Ee weidere Schüler huet matgedeelt, dass hien am Sport léiere géif, an enger Equipe ze schaffen an ze denken. Domadder weist hien dorobber hin, wéi eng Roll d‘Sozialisatioun an d‘Kollaboratioun am Kader vun der Transversalitéit kënne spillen.

Zum Schluss kann een nach umierken, dass verschidde Schülerinnen an Schüler fäerten, dass si d’Transversalitéit an d'Interdisziplinaritéit am Lycée net méi esou wäerte spieren, wéi dëst an der Grondschoul de Fall ass.

Et mierkt een deemno, dass d’Transversalitéit an d’Interdisziplinaritéit eng wichteg Roll am Schoulkontext spillen. Si bidden de Schülerinnen an de Schüler d’Chance, iwwer den Tellerrand ze kucken, Kreativitéit ze entwéckelen an hir Kompetenzen op enger breeder Basis ze stäerken.

## 4.6. Theema ‘D’Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung‘



### 4.6.1. Léiersituatiounen

Am Kader vun de Kannerateliere gouf souwuel déi formal wéi och déi non-formal Bildung thematiséiert. D'Schülerinnen an d'Schüler hu verschidden Aspekter vum Léieren diskutéiert. Dëst Kapitel geet iwwert de klassesche Léierprozess an der Schoulbänk eraus an ënnersicht zousätzlech Elementer, déi fir d'Kanner aus den Atelieren eng wichteg Roll gespillt hunn.[3]

#### Wou léiert dir?

D'Schülerinnen an d'Schüler hu verschidde Plazen a Strukturen opgeziilt, wou fir si ee Léierprozess stattfënnt. D'Schoul ass offensichtlech eng zentral Ariichtung, wou d'Kanner léieren – et ass awer net déi eenzeg. Déi heefegst Äntwert, déi an dësem Kontext gefall ass, war "Dobaussen" oder "An der Natur". Zousätzlech dozou goufen dat eegent Doheem an de Sport respektiv de Sportsveräin ganz heefeg erwäänt. Weider Äntwerten, déi awer däitlech manner oft genannt goufen, waren d'Museksschoulen, d'Bibliothéik, d'Vakanz oder den Ausfluch.

#### Wat léiert dir?

Dësen Ënnerpunkt steet an direkter Relatioun zum viregte Punkt; d'Kanner aus den Atelieren hu meeschtens d'Fro nom "Wou?" an nom "Wat?" an enger eenzeger Ausso beäntwert. Mat der Fro, wat zousätzlech zu de klasseschen Inhalter soss nach geléiert gëtt, hu sech munch Klasse relativ schwéier gedoen. Wou d'Schülerinnen an d'Schüler du vu Säite vum Moderateur vum SCRIPT oder dem präsenten Léierpersonal den Denkustouss kruten, iwwert de schoulesche Kontext eraus ze iwwerleeën an deelweis Beispiller heizou genannt kruten, hu si awer eng Rei vun interessanten Äntwerte ginn.

**Respekt**

Déi heefegst Äntwert op d'Fro, wat si nach zousätzlech léieren, war Respekt. Respekt géif, sou d'Kanner aus den Atelieren, souwuel an der Schoul geléiert – hei misst ee beispillsweis ofwaarden, bis et u sengem Tour ass, fir ze schwätzen – ewéi och doheem vermëttelt ginn. Dat eegent Doheem gouf, am Verglach zu der Schoul, däitlech méi oft genannt, wann et ëm d'Vermëttlung vu Respekt geet.

**Natur an Ëmwelt entdecken**

Als zweetheefegst Äntwert, ganz knapp hannert dem Respekt, hunn d'Kanner uginn, Aspekter iwwert d'Natur an iwwert d'Ëmwelt ze léieren. Am Schoulgaart géife si beispillsweis entdecken, wéi eng Planzen si dierften iessen a wéi eng net. Am Gaart géinge si léieren, wéi ee Blummen uplanzt an am Bësch géife si ganz nei Aarten entdecken, déi si bis dohin nach net kannt hätten. De Bësch war

3 Remark: Dëst Kapitel bezitt sech op d'Perceptioun vun de Kanner. Wann d'Kanner d'Gefill haten, eppes net klassesch an der Klass oder am Cours ze léieren, mee eppes fir si iergendwéi "extra" war, gouf dëst an dat heite Kapitel opgeholl. Esou hu beispillsweis vill Kanner d'Léieren iwwer d'Natur an d'Ëmwelt net als Deel vum 'klasseschen' Cours ugesinn.

déi heefegst Plaz, déi an dësem Kontext genannt gouf. Ee Kand huet uginn, an de Scouten vill iwwert d'Natur ze léieren.

**Kommunikatioun**

Kommunikatioun gouf praktesch all Kéiers mam Sport a Verbindung bruecht, hei goufe ganz verschidde Sportaarten an Erfarungen opgezielt. Ee Kand huet erzielt, dass et Kierpersprooch am Fechte léiere géing, well een do net haart schwätzen dierf. Aner Sportaarten, an deene Kommunikatioun geléiert géing ginn, waren Basket, Tennis a Rugby.

**Ëmgang mat aneren**

Mat aneren Leit ëmzegoe wier ee wichtege Punkt, deen d'Schülerinnen an d'Schüler a verschidde Zenarie léieren. Ee Kand huet erzielt, den Ëmgang mat senge Matschülerinnen a Matschüler virun allem um Ausfluch geléiert ze hunn, wou si zesummen an engem Zëmmer gewunnt hunn. Am Sport géing een den Ëmgang mat anere léieren, awer och am alldeegleche Liewen. Vu senge Frënn a Kollege géing ee gehollef kréien, wann ee Problemer huet. Am schoulesche Kader géing een och léieren, Konfliktsituatioun ze entschäerfen an ze schlichten (z. B. Sträitschlichtung tëschent Frënn).

**Teamwork**

Genau wéi d'Kommunikatioun ass och Teamwork am heefegsten am Kontext vum Sport genannt ginn. Am Basket géing ee beispillsweis léieren, an enger Ekipp zesummen ze schaffen an zesumme weiderzekommen. Am Kollektiv denken wier ee weidere Punkt, deen een am Sport léiert.

## Mat weem léiert dir?

E leschten zentralen Aspekt ass, mat weem geléiert gëtt. Véier wichteg Aussoen stiechen aus den Äntwerte vun de Schülerinnen a Schüler eraus. Engersäits spillen de Kanner no d'Elteren eng wichteg Roll, wann et ëm d'Léiere geet. Si erklären de Kanner verschidden Aspekter vum Liewen an huelen eng ënnerstëtzend Roll an, wann et ëm d'Léiere fir Prüfungen oder ëm d'Hausaufgabe geet. Op där anerer Säit géingen och d'Frënn eng zentral Roll am Léierprozess vun de Kanner spillen. Hei war awer éischter de spillereschen Aspekt am Vierdergrond. D'Roll vun de Geschwëster huet sech dann erëm meeschtens op d'Schoul bezunn; eeler Geschwëster géingen oft bei der Preparatioun fir Prüfungen a bei den Hausaufgaben hëllefen. Ee leschte Volet, dee vun de Kanner ugeschwat gouf, ware Spiller, Apps a Filmer. Iwwert de Fernseh a Youtube wier et de Kanner méiglech, fir sech selwer Saache bäizebréngen. An dësem Kontext ass den Aspekt vun de Sproochen direkt e puer mol genannt ginn.

### 4.6.2. Hausaufgaben

D'Kanner goufen am Kader vun dësen Atelieren och hir Meenung zu den Hausaufgaben gefrot. D'Äntwerten, déi op dës Fro erakoumen, loosse sech no dräi Gesiichtspunkten opglidderen. Déi heefegst Ausso a punkto Hausaufgabe war, dass et misst méiglech sinn, zumindest een Deel vun den Hausaufgaben an der Schoul kënnen ze maachen. Et gouf kee wierkleche Konsens doriwwer, wéi sech esou ee Wandel kéint instrumentaliséieren; verschidde Méiglechkeete goufe proposéiert. Ee Kand war der Meenung, dass een heiansdo kéint e puer Minutte kréien, fir Hausaufgaben ze maachen, aner Schülerinnen a Schüler ware méi konkret an hu spezifesch Hausaufgabe-Stonne gefuerdert. Vun enger Klass gouf ugeduecht, fakultativ Stonnen unzebidden, an deenen d'Kanner méi laang kéinte bleiwen, fir hir Hausaufgaben ze maachen. Dës Iddi steet an direkter Relatioun mat der Fuerderung no engem méi individuellen Zäitplang. Verschidde Gruppen hunn d'Iddi vun engem Wocheplang mat individuelle Fräiheeten an d'Spill bruecht, anerer hunn de Verglach zum internationale System gezunn, wou d'Schülerinnen an d'Schüler sech d'Hausaufgaben selwer andeele kéinten. Eng Rei Kanner hu gemengt, dass d'Hausaufgaben am zäitleche Konflikt mat hiren ausserschoulesche Verpflichtungen stéingen, anerer hunn ganz einfach uginn, iwwerhaapt keng Hausaufgaben an hirer Fräizäit wëllen ze maachen.

### 4.6.3. Service d'éducation et d'accueil (SEA)

Am Kader vun den Atelieren hu sech verschidde Schülerinnen a Schüler mat ënnerschiddlechsten Aspekter aus der non-formaler Bildung auserneegesat; den SEA war dobäi een zentrale Punkt. D'Kanner haten deelweis ganz staark Meenungen, déi am nächsten Abschnitt an zwou Kategorien opgedeelt ginn: Positiv Aussoen a negativ Aussoen.

**Positiv**

Positiv hu verschidde Kanner d'Aktivitéite gesinn, déi am SEA ugebueden ginn. Dës Aktivitéite géingen engersäits einfach just Spaass maachen, anersäits hunn se awer och mat engem indirekten Léierprozess verbonnen geschéngt. Ee Kand huet beispillsweis uginn, dass et villes a puncto Sécherheet léiere géing, wann et am Kader vum SEA klotere geet. Eng weider Ausso war, dass et sech bei den Aktivitéiten ëm Projeten ouni Fach handele géing, och dëst gouf positiv wouergeholl. D'Kreativitéit géif ausserdeem och gefërdert ginn. Den SEA wier eng Plaz, wou d'Schülerinnen an d'Schüler hir Kolleege begéinen a sech mat hinnen austauschen an Zäit zesumme verbrénge kéinten.

**Negativ**

Déi selwecht Aktivitéiten, déi vu verschiddene Kanner geleeft goufen, si vun anere kritiséiert ginn[4]. Eng Rei Schülerinnen a Schüler hunn d'Offer am SEA als langweileg empfonnt a sech aner Aktivitéite gewënscht. De rigiden Zäitplang an d'Disziplin, déi et de Participanten no a villen Ariichtunge géife ginn, ware weider Kritikpunkten. D'Kanner géifen sech hei méi Fräiheete wënschen. D'Infrastruktur an de Kader sinn och e puermol negativ opgefall, sou géif et beispillsweis e Mangel u Plaz, Computeren oder Iessensméiglechkeete ginn. Dat lescht grousst Theema, wat e puer mol ugeschwat gouf, ass: Mobbing a Konflikt. Eng Rei Schüler hu matgedeelt, gemobbt ze ginn, oder an der Vergaangenheet dovu betraff gewiescht ze sinn. An dësem Kontext gouf och Gewalt erwäänt.

## 4.6.4. Aner Aktivitéiten

An dësem leschten Deel gëtt eng heterogen Usammlung vun Aktivitéite presentéiert. Dës Aktivitéite goufe vun de Kanner thematiséiert an decke verschiddenst Aspekter vun der formaler a non-formaler Bildung of.

### Flora a Fauna

Wat an dësem Kontext als "Flora a Fauna" bezeechent gëtt, ass ee Grupp vun Aussoen, dee sech virun allem op zwee Punkten bezitt: Schouldéieren a Schoulgäert. Wärend verschidde Klassen erzielt hunn, scho mat engem Schouldéier ze schaffen, hunn aner Gruppen de Wonsch geäussert, dat och wëllen ze maachen. Eng Schoul hat Accès op e Schoulgaart mat Hénger, Kanéngercher an aneren Déieren; dëst huet de Kanner ganz gutt gefall. Déi heefegst Ausso zu de Schouldéiere war de Wonsch no engem Schoulhond.

### Ausflich a Liesnuechten

Positiv Kommentaren zu Ausflich an de Wonsch no méi Sortië ware fir dëst Kapitel mat wäitem Ofstand déi heefegst Aussoen. Ganz vill Schülerinnen a Schüler hu sech immens positiv zu Ausflich, Kolonien an aneren ähnleche Projete geäussert. Beispiller ginn hei vu Kinosbesich iwwer Muséeën, Kloterparken a Schlittenhënn, bis hin zu Vakanze mat der Klass. Iwwernuechten an der Schoul a Liesnuechten waren zwee weider Punkten, déi immens positiv duergestallt goufen.

### Sport an Theater

Sport spillt fir ganz vill Kanner eng zentral Roll a gouf am Allgemengen an dësen Ateliere ganz heefeg ugeschwat. Iwwert den traditionelle Schoulsport eraus hunn d'Kanner Sportsturnéieren an der Schoul

4 Remark: Dëst hänkt deelweis mat lokalen Ënnerscheeder vun de verschiddenen SEA zesummen, awer och innerhalb vun enger Klass waren sech d'Kanner net ëmmer all eens.

ervirgehuewen, virun allem am Fussball an am Basket. Schwammeléieren war fir vill Schülerinnen a Schüler och immens wichteg. Nieft dem Sport gouf den Theater als eppes integral Positives wouergeholl; ee Kand huet an dësem Kontext uginn, dass duerch Aktivitéite wéi den Theater seng Kreativitéit gefërdert géif ginn.

## Manuell schaffen

De leschte Grupp vun Aussoen bezitt sech op handwierklech Tätegkeeten an der Schoul. E puer Kanner hunn erzielt, ganz gär mat den Hänn ze schaffen. D'Aussoe ginn hei vu Baken a Kachen bis zu Molen a Bastelen. Eng Schülerin oder ee Schüler huet uginn, éischt Erfarungen am Handwierk wëllen ze sammelen. An dësem Fall sollt ee konkret léieren, wéi ee beispillsweis Saache fléckt oder am Gaart schafft. Eng "Schoulwerkstatt" gouf sech vun e puer Kanner gewënscht an d'Aarbecht mat verschidde Materialie gouf proposéiert.

# 5. Réckbléck, Ausbléck a Kontakt

## Réckbléck

Säit Februar 2022 hu **6 grouss CoLab-Workshops** mam Bildungsberäich stattfonnt, dëst zu den Theemen:

1) Visioun (Februar 2022)
2) Méisproochegkeet (Mäerz 2022)
3) Iwwergäng (Abrëll 2022)
4) Evaluatioun (Oktober 2022)
5) Transversalitéit (November 2022)
6) Formal an non-formal Bildung (Januar 2023)

Am Kader vun der grousser Konsulatiounsphas vum 'Projet Plan d'études 2025' goufen eng Rei weider Workshops, e.a. mam **CSEN**, den **Elterevertrieder** a **Kanner aus dem Fondamental**, gehalen. Doniewent hunn an de Schouljoren 2021-2022 an 2022-2023 eng Rei Entrevue mat weideren Acteuren stattfonnt. Dozou zielen déi 7 Programmkommissiounen aus dem Fondamental, de Collège des directeurs vum Fondamental a vun de Centres de compétences, Acteure vum IFEN (I-DS, I-CN etc.) a vun der Uni Lëtzebuerg a **vill weiderer.**

## Ausbléck

Am Mäerz 2023 ass déi grouss Konsultatiounsphas mam Terrain op en Enn komm. Insgesamt **9 CoLab-Rapporten** sinn um Internetsite vun der Curriculumsdivisioun publizéiert ginn. Dës Rapporte sinn d'schrëftlech Zesummefaassunge vun dem Gesotenen an de 6 grousse CoLabs mam Bildungsberäich, béide CoLabs mam CSEN, dem Elteren-CoLab an de Kanneratelieren. Si beweege sech op enger méiglechst deskriptiver Analyseebene.

No der Konsultatiounsphas huet eng nei Phas vum 'Projet Plan d'études 2025' gestart. Et ass déi eigentlech Analysephas hin zu engem Konzept fir en neie Plan d'études. D'Aussoen, déi am Laf vun der Konsultatiounsphas zesummekomm sinn, ginn an den nächste Méint an der Déift analyséiert (Triangulatioun duerch eng Mixed-Methods-Approach: Diskursanalys, Inhaltsanalys, *Natural Language Processing*): Wou ass Konsens? Wou ass de roude Fuedem?

Dës Synthees gëtt ergänzt duerch eng verdéifte wëssenschaftlech Recherche an duerch Recherche am Hibléck op den (inter)nationale Bildungsdiscours an d'international Entwécklungen am *Curriculum development*, duerch d'Analys vum bestoende gesetzleche Kader an duerch all d'Recommandatiounen, déi Experten a Stakeholder der Divisioun bis ewell zum Projet an a Re-latioun mam Plan d'études mat op de Wee ginn hunn. Aus béiden Analyseebenen (Synthees a Recherche) entsteet viraussiichtlech fir d'Rentrée 2023/24 en éischte Whitepaper fir eng Visioun vun engem neie Plan d'études 2025.

Wien u weideren Informatiounen iwwer de Projet interesséiert ass, fënnt dës ënner **https://curriculum.lu/PE_index.**

## Kontakt

Dir hutt Froen oder Ureegungen zum Projet 'Plan d'études 2025' a wëllt mat eis a Kontakt trieden? Da kontaktéiert eis via d'E-Mail-Adress **curriculum@script.lu.**

Op eisem Internetsite **www.curriculum.lu** fannt Dir Informatiounen iwwer de Projet 'Plan d'études 2025'.

# Merci!

Villmools Merci soe mir all de Participanten an allen interesséierten Acteuren, déi eis bis elo kontaktéiert an um Projet deelgeholl hunn – op dëser Plaz natierlech besonneg de Kanner, déi eis hir Gedanken zur Schoul uvertraut a super matgeschafft hunn. Merci soe mir och dem Léierpersonal aus de Klassen, déi mir besicht hunn, fir déi flott Zesummenaarbecht an déi spannend Gespréicher virun an no den Atelieren.

Et war eis eng grouss Freed, an all deene verschiddenen CoLab-Workshops mat lech an den Austausch ze kommen a mir sinn houfreg dorobber, dëse Wee weiderhimat lech ze goen!

**Mat beschte Gréiss**

**D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT**

Curriculum
Division SCRIPT

www.curriculum.lu

www.script.lu